N° 8293
Entrée le 18.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Direction générale des classes moyennes

**Äntwert vum Minister fir Mëttelstand op d'parlamentaresch Fro n° 8293 vum 7. September 2023 vum Här Deputéierten Sven Clement an vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Bei der « indémnité pour perte d'efficience » handelt et sech net ëm eng Aide, mee ëm eng Indemnitéit, déi d'Entreprisen aus dem Konstruktiounssecteur vun der Regierung wärend der Coronapandemie zougeschwat kruten, fir d'Fraise vun de strenge sanitäre Mesuren ze kompenséieren am Kader vun der Ré-Ouverture vun de Chantier'en am Abrëll 2020. Dës Indemnitéit gëtt elo iwwer d'Chambre des métiers ausbezuelt.

Zënter Dezember 2020 hunn 218 Entreprisen aus dem Bausecteur faillite gemaach.

D'« indémnité pour perte d'efficience », déi aktuell un déi eligibel Betriber ausbezuelt gëtt, bezitt sech op d'Unzuel vun de Mataarbechter, déi am Dezember 2020 an der jeeweileger Entreprise geschafft hunn.

D'Corona-Aidë fir d'Betriber sinn an der Tëschenzäit ofgeschloss.

Lëtzebuerg, den 17/10/2023.

De Minister fir Mëttelstand

(s.) Lex Delles